Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Säit dem Vertrag vu Maastricht gëtt an Europa um sougenannten Transeuropäeschen Transportnetzwierk geschafft. Dozou gehéiert notamment en europawäiten, transnationalen Ausbau vum Schinnennetz. Och zu Lëtzebuerg goufen nach rezent Gesetzesännerungen an der Chamber ugeholl, fir den Ausbau vun deem Reseau ze erméiglechen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) U wéi eng vun dëse Verbindunge soll Lëtzebuerg direkt iwwert d'Stater oder aner Garen hei am Land ugeschloss ginn?
2) Vu wéi enge vun dëse Verbindungen an iwwert wéi eng auslännesch Garen an der Groussregioun sollen d'Lëtzebuerger Bierger iwwer Uschlossméiglechkeete profitéieren?
3) Wéi vill Suen huet Lëtzebuerg bis ewell selwer fir den Ausbau vum Transeuroäeschen Transportnetzwierk ausginn? Wéi eng Projete goufen dobäi konkret realiséiert?
4) Wéi vill Sue sinn ëmgekéiert vun der EU u Lëtzebuerg gefloss, fir sech un deem Ausbau ze bedeelegen? Wéi eng Projete goufen an deem Kader finanzéiert?
5) Bis wéini sollen déi eenzel Eisebunnsstrecke fäerdeggestallt ginn? Kënnen déi ursprénglech Zäitpläng agehale ginn?
6) Op wéi eng Manéier soll Lëtzebuerg iwwert d'Projete vum Transeuropäeschen Transportnetzwierk eraus an den nächste Joren a Joerzéngte laangfristeg verdéift un de franséischen TGV an den däitschen ICE-Reseau ugeschloss ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten